

Nei Wieder?

Wann ee vun neie Wieder an egal watfir enger Sprooch schwätzt, muss een iwwerleeën, vrun allem ënnerscheeden/differenzéieren, wat ee seet, vrun allem **vu watfir enger Zort Wieder rieds ass: Normaalt Gespréich, Natur, Beruffer, Technik, Wëssenschaft.** Wie simplistes (oder verbruet) mengt, en däitscht, franséisch oder englescht Wuert wier an eiser Sprooch automatesch eppes 'Neies', wann et just ee vun eise gestackten Ausdréck erausdixt... deen huet sech am Klatzentrach vergraff a geheit ganz einfach laanscht den Dill.

An alle grouse Sproochen huet en **neit** Wuert fir eng **nei** Saach oder **nei** Ëmstänn geschwënn seng Plaz, well do all Dag Milliounen vun Dages- a Wochenzeitungen, Literatur a Schoulbicher en neien Ausdréck verbreedden, dee bis dohinner net an deenen Idiome war... egal aus watfir enger Sprooch en erakënn: de *Sputnik* huet sech aus dem Russeschen erageschafft; den Tsunami wäert e Begrëff a jidfer Sprooch ginn, de Fax huet sech eragesat, *Sushi* kennt all Mënsch, grad ewéi de *Bancomat*. Kee Problem. Ëmgedréint hu 'Kartoffel' oder 'Butterbrot' nach haut hir Bedeitung a slavesche Sproochen; dir kritt op der ganzer Welt 'Spaghetti', wann dir se frot. **NEI ass am Lëtzebuergeschen ower net, wa mir aus enger Heederzalot eng laitue maachen, oder eng Ham räächeren aplaz ze reezen...**

An der Zäit ass et am Franséischen an Engleschen net déi Boun Krämpes gewiescht, fir z. B. TELEVISIION unzehuelen, dat och ouni Kéier a Krëmmel an den normale Sproochgebrauch ze katapultéieren. Mat Ënnerscheeder an der Aussprooch huet dat neit Wuert sech och an de meeschte Sproochen vun der Welt festgekrallt... just am Däitschen, grad do, wou d'Saach erfionnt gi war (*Braunse Röhre!*), guff **an enger iwwerdréinter Pangermanismus- an Nazizäit de 'Fernseher' an d'Fenster gestallt, géint de griechesch-laténgeschen Ausdréck;** deeselwechten Zock fanne mir jo am Streech mat 'Fernschreiber, Fernsprecher, Fernglas (eis wierklech typesch *Spektiv!*)... déi d'Lëtzebuenger iwregens ni ugeholl hunn... einfach ass ower ze verstoen, datt si an de 50er Joeren deelweis op de *Fernseher (Fernseh)* ze schwätze komm sinn: et guff dees jo soss näischt wéi dat, wat mir vun den Antennen um 'Hartkopf' a 'Feldberg' eriwuer kruten. 'De Fransous' an *télévision* hu mir méi laang duerno op dee schwéngseg deieren 43cm-Schierm kritt... mä do war et zesoen och nach bal ëmmer Wanter: vill Schnéi! Et kënn nach dobäi, datt fir déi allermeescht Leit dat Däitscht nun emol méi liicht ze verstoe war (an ass!) wéi d'Franséisch. No an no schéngt 'Televisioun' sech ower och déisäit der Musel genéschelt eranzeschaffen, wat mir bei 'Spiegel/Stern-TV' këne gesinn. Dobäi ass nach ze bedenken, datt **d'Längt vun de Wieder, d'Zuel vun de Silben,** eng ganz grouss Roll spillt; am 'Verkierzen' sinn d'Anglophonen nun emol Assen, an d'Fransousen net wäit hannendrun. Gutt Beispiller sinn den Auto (mobile), d'Photo (graphie), de Plane (Aero-); deer fannt dir kéipweis; sou sinn dann och d'*Protex* (Protection civile) an aner Beispiller bei äis ze explizéieren... wat spezifescht **näischt** mat der Lëtzebuenger Sprooch ze dinn huet.

Mir Lëtzebuenger hunn op deem ganzen technesche Gebitt kee Problem mat 'neie' Wieder. **Mä wéi definéieren ech nei Wieder? Sinn dat deer, déi mir muttwëlles an d'Plaz vun eise gewuessenen Ausdréck brätschen?** Gelungen, fir net ze soen 'topeg', ass et, ze mengen, **Ameis, Maikäfer, räächeren, oprecht, ëmsteigen, rognons, bouchée asw., dat wieren 'NEI' lëtzebuergesch Ausdréck.** Do schloe mir just a muttwëlles eiser een dout, fir op eng zimlech fuddeleg Fassong een an d'Däitscht oder soss eng Sprooch klauen ze goen. Nach méi koppeg ass et, wann dann zënter Joer an Dag bëlleg vun ëmmer deene selwechte queesche Muppe behaupt gëtt, e Meedéier, eng Seejomes, e Reez, dat wier alles ze al, gro a stëbseg, konservativ, puristescht, nationalistesch an esouguer geféierlech 'facho'. Quatsch!

Wat soll do dat 'fortschrittlecht' Gemierwels vu Leit, déi sech et hei nawell net schlecht goe loossen an näischt Positives opweises hunn; deenen eist Land, seng Geschicht, seng Identitéit, säi Streiden a Leide fir seng Fräiheet, säi Respekt vru Generatiounen hire Verdéngschter strutz-egal ass. Dat ass deenen Herrschaften hirt Recht... mä eiseree kann och dovun halen, wat e wëllt. Mir wënschen hinnen dat, wat si fir sech – a vrun allem nëmme sech – reklaméieren: dat Allerbescht!

Rapp dech!

Ass iech ewell obgefall, **watfir e 'Liewen' dat Verb 'rappen' an eiser Sprooch féiert?** Gewëss: mir 'rappen' emol alles (Kéis, Zelleri, Muerten...) am Sënn vum franséische 'râper'; mä domat huet et sech. Mam Däitschen huet d'Wuert nullkommanäischt ze dinn, et sief, dir gitt bei 'rupfen' kucken, mä do hu mir jo och 'rappen'. Eist **'rappen' ass éischer d'Iwwersetzung vu 'reissen'...** an och dat hu mir, mat eise typeschen Ëmlaut 'äi' an eiser sou aarmer Sprooch... deen et am Däitschen iwregens net gëtt.

E klenge Spaass: Iwwersetzt emol op däitsch oder franséisch, dir hätt iech *eng gerappt*; et wier 'Rapp a Klapp' an enger Famill; de Jang soll *sech emol rappen*; äre Billjee wier nach net *gerappt*; de Misch geng an engem Stéck (firwat 'andauernd?') *Witze rappen*; en aalt Gemaier giff *ofgerappt*; de Patron hätt een *ëmgerappt*... dir fannt der nach... wann dir iech zesummerappt, léif grouss a kleng **'Rappdeckelen'** ☺.

Wiem gläicht dee Klengen?

Wann e Puppelchen op d'Welt kënn, gëtt direkt gekuckt, **wiem hie gläicht.** Doriwwer huet den August Liesch sech an äis a sengem 'Bébé' (cf. *d'Maus Ketti an Allerhand*) formidabel ameséiert... dat gelungent **Gesichs nom Glach** ass nach haut grad esou aktuell wéi viru 75 Joer.

Sproochlech gekuckt këne mir ower soen, **datt eist 'gläichen' dem Däitsche... gläicht,** datt mir ower dacks musse sichen, wéi et dann elo richteg am Goethe senger Sprooch heescht. Et ass dolaanscht, wa mir mengen, d'Kand giff 'der Oma gleichen'; dat gëtt et 'do iwwer' einfach net; do geet vun *ähnlich* a vun *ähneln* an *Ähnlichkeit* rieds. Schonn doriwwer nogeduecht?

Bäisst et iech?

... *da kraazt iech.* En anere Sproch: *Deen do ass nach ze liddereg, fir sech ze krazen, wou et bäisst.* Dat sinn deer verbrute Spréchelcher, déi esou typesch fir eis Sprooch sinn, wat mir ower knapps denken, well gemengt gëtt, dat wier souwisou Däitsch... jo, mä.

Dat 'bäissen' hei huet an dësem Gebrauch glat näischt mam däitsche 'beissen' ze dinn; do ass et 'jucken', am Franséischen 'démanger'... mir hunn also 2 Bedeitunge vun deemselwechte Wuert; mir kënnen nach méi wäit goen, an äis mam Ënnerscheid tëscht 'Bass a Bëss' am Lëtzebuergeschen ofginn. Fir d'Saach méi praktesch ze maachen, ass et jo net schlecht, wa mir e Beispill huelen, dat dann eng däitsch/franséisch Iwwersetzung soll kréien: De Jong huet jidderengem duergebaass, et giff hie bäissen, a vun elauter Bass kënn hien net schlofen. Da fuert emol duer (alt nach esou e gelungenen Ausdréck aus eiser aarmer Sprooch).

Gequellte Gromperen...

Wéi **am 18. Joerhonnert d'Gromper** hei opkomm ass, war e gutt Stéck Gefor fir Hongersnout verschwonn... de symbolesche Merci vum 'Vollek' fannt dir nach haut zu Potsdam (*Sansouci*) um Grouse Fritz senger Grafplack. Dat huet deemools net verhënnert, datt och duerno nach schrecklech aarm Joere komm sinn, déi praktesch en Drëttel Leit vun hei iwwer de grouse Pull gedriwwen hunn. **Et huet ower net laang gedauert, do hat eis Sprooch sech och un déi sëllege Fassong gewinnt, op déi d'Bippercher (wouhier?) um Dësch gestan hunn:** gekacht (gefoxt), mat Mëllech geträtscht a getrippst, als Püree verfeinert; gebootscht, och op e puer Fassong gebroden, mat Schalotten, Bratzelen, enger Poutz Mëskot: méi genëseg wéi déi allerbeschte Fritt a méi gesond wéi all 'Chipsen'.

Mir kennen natierlech d'Ausdréck *rondrëm d'Gromper* aus anere Sproochen; mä **der Däiwel weess, wou mir hei un déi 'gequellte' Grompere kommen,** déi jo am Däitsche logescherweis 'gepellt' gin a *Pellkartoffeln* genannt ginn, well si 'in der Pelle' gekacht sinn; d'Fransousen hunn an hirem poeteschen Hank der Gromper esouguer eng 'Nuetsack' ugedunn an se 'en robe des champs / de chambre' vernannt. Dat ass alles net wichteg, mengt dir... mä dir loosst keng Gromper stoen, déi éierbar, apaart op Lëtzebuergesch, noneegemaach ass, gell!

Glëschteren oder gladderen?

Déi zwee sinn am Lëtzebuergesche richteg a ginn och gebraucht, souguer wann dat **'Gegladders' net grad ëmmer fir an d'bescht Stuff** passt. Eent ass sécher: Zu Berlin versteet keen et... mä dees si mir äis vill ze dacks net bewosst, well mir ze liichtfankeg unhuelen, eis Sprooch wier jo dach déi vun *deer anerer Sait*; et fret sech iwregens, firwat deen Ausdréck nëmme an exakt fir eis Ost-Sait gëllt; Frankräich an d'Belsch sinn dach och 'déi aner Sait'.

Gloscht, glëschteren a glëschtereg wieren also, an der Rei; *Gladder a gladder* ass méi familiär, fir net ze soe graff. Et huet ower méi eng grouss 'Famill': eng Gladder ass eng Gloscht, kann ower och e gudde Maufel sinn, deen een apaart gär huet; *eng op d'Gladder*, dat brauch een net laang ze explizéieren; *sech begladder* heescht jo sech 'knaschteg' maachen... wat och däitsch ausgesäit, ower keent ass. Bei deem *Gegladders* hei d'äerf een ower ee léiwen Ausdréck net vergiessen: déi kleng oder grouss *Gladdermaillercher*!

NACH EPPES

1. Dir fannt all Samschdeg op rtl.lu/ **Sonndeszeitung** en Artikel 'Rondrëm eis Sprooch'.
2. Wéi ass et mat ärem **Fändel fir Nationalfeierdag?**
...Dir fannt een ënner 'drapeaux et bannières' (Sait 335) an de 'Giele Säiten'.

ANIL... watgliff?

Wat dat ass? Mä eng immens wichteg Associatioun, mat deer jidderene ewell (onbewosst) ze dinn hat oder kritt, deen an engem Spidol geleeën huet oder läit. De vollen Numm: **Association des Infirmiers et Infirmières luxembourgeois.**

Natierlech geet et hei net ëm de Fong vu Lieserbréiwer, an deene vu baupsegem oder soss granzegem Personal rieds ass; et gëtt an all Beruff 'deer enger an deer anerer'. Op eiser Sprooch-Sait hale mir äis un déi Saach, déi äis op jidfer 'Niveau' am Spidol uewe läit: Eis Sprooch.

Et ass jo mengerwäreg net fir d'éischt, datt hei – zënter Joeren! – esou ganz 'siddleg' gefrot gëtt, wat en däitsche Medezinner oder Paramedezinner zu Lyon geng maachen, dee kee Franséisch versteet a keent schwätzt... a wat e franséischen Dokter, Infirmier oder Assistent zu Köln mécht, dee keen Däitsch kann. Dräimol näischt! Punkt. Basta.

E Lëtzebuenger, deen hei seng Schoul normal bis an d'Halschent vum 'Secondaire' hannert sech huet, d'äerft kee Gedéngels mat Sproochëmstänn hunn. Wéi ass et ower mat deenen, déi direkt no der Primär-, pardon Grondschoul op d'Aarbecht gang sinn? **Wéi steet et mat deene Leit iwwer 70 Joer, déi duerch de Krich oder d'Liewensëmstänn net vill vu Franséisch matkritt hunn?**... a wéi ass et mat deenen Zéngtausende vu franséisch- oder däitschsprochege Matbierger, déi hei an eng Klinik kommen, wou keen nieft dem Bett hirer Sproochen eng versteet... a keen eppes vun deem anere matkritt? Dat gëtt natierlech Kuddelmuddelbullibratsch... **ouni vun de Geforen ze schwätzen, déi duerch dës Ëmstänn laueren!** Do ass de Patient natierlech ëmmer op der verluerener Sait; et geet ewell domat un, datt een am Spidoolmilieu verschotert ass, iert et ufänt, oder? Wat hei op dësem Plang leeft, dat huet keen Numm... oder et huet der vill, déi mir ower net wëlle schreiwen.